N°6715
Entrée le 26.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Sou wéi déi däitsch Zeitung Handelsblatt schreift, gëtt déi demokratesch Republik Kongo aktuell ëmmer méi staark mat Ëmweltproblemer, zum Beispill Schneisen am Urbësch konfrontéiert, dëst besonnesch wéinst dem ekologeschen Impakt vum Biergbau zu sielenen Äerden, déi hei am Land besonnesch fir digital Elektronik an Elektroautoe gebraucht ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Sinn der Regierung déi beschriwwen Ëmweltproblemer bekannt? Falls jo, wéi ginn se an där aktueller Promotiounspolitik fir den Elektroauto berécksiichtegt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

N°6715
Entrée le 10.10.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung, dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°6715 vum 26. August 2022 vum éirewäerten Députéierten Här Fred Keup iwwert "Problèmes de l'environnement au Congo"

D'Thematik déi vum éierewäerten Deputéierten ugeschwat gëtt, ass well an e puer parlamentaresche Froe behandelt ginn, sou notamment an den Äntwerten op d'Froen n°243 an n°1533 vun der lafender Legislaturperiod.

D'lëtzebuerger Regierung setzt sech international a notamment um Niveau vun der europäescher Unioun weiderhi fir eng kontrolléiert Wäerteketten an. Aktuell lafen och d´Verhandlungen iwwert "Proposition de Directive sur la gouvernance durable des entreprises et devoir de vigilance", fir op europäeschem Niveau gemeinsam déi selwecht Standarden ze erreechen.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung